

FIRWAT SCHEITERT EIS ENERGIEWEND ?

Den 20. Januar dëst Joer sinn an engem Bäitrag an der Rubrik „Lieserbréiwer“ d’Perspektiven a méiglech Motiver fir eng vun der Politik ugekënnegt honnertprozenteger Energiewend beliicht ginn.

Hei de Link op de Bäitrag : <http://www.rtl.lu/meenung/1295140.html>

Mat Hëllef vu pragmatesche Projektionen an duerch d’Observatioun vun enger iwwer 20 Joer laang bedriwwener Energiewend bei eisem Noper Däitschland, gëtt an dem Bäitrag vum 20. Januar gewisen, dat eng Energiewend op der Basis vu VOLATILE Stromquellen zu engem onweigerlechen Echech féiert.

Dofir gëtt et dräi konkret a novollzéibar Ursachen :

- Déi kleng Energiedicht am Zesammenhang mat der Flächeverfügbarkeet vum Territoire (Link : [Pragmatisch Ofschätzung vum Ausbaupotenzial vun der Wandenergie zu Lëtzebuerg](#)) ;
- Duerch déi héich Volatilitéit vun dësen Energiequellen, kann de Strom net bedarfsgerecht produzéiert ginn ; d’Netzstabilitéit brauch awer e perfekt Gläichgewicht tëschent der Laascht (Verbrauch) an der produziierter Leeschtung ;
- Et gëtt keng adequat Method – an et ass och guer keng Method an Aussicht – mat där de net bedarfsgerechte Strom vun engem bestëmmte Produktiounsniveau un an d’Netz kéint integréiert ginn.

Dat huet näischt mat der Onfäegkeet vun Ingenieuren ze dinn, mä d’Ursaach si physikalesch Barrièren, déi vun de politesche Responsabelen aus diverse Motiver einfach ignoréiert ginn.

Wann een e wéineg iwwer de Lëtzebuerger Tellerrand erauskuckt, da gesäit een dat am Ausland scho laang ëffentlech driwwer geschwat gëtt, dat volatil Stromquellen keng konventionell Kraaftwierker ersetze kënnen, an och nëmme scheinbar e Bäitrag am Klimaschutz leeschten.

Schlëmm ass och, dat duerch dës Stromquellen – an haaptsächlech duerch d’Wandindustrie – et héich negativ Impakter gëtt : ekologesch, ekonomesch, sozial a potenziell gesondheetlech Impakter. Heiriwwer gëtt et zu Lëtzebuerg awer kaum en ëffentlechen Débat, an d’Wandenergie gëtt vu Politik a Medien nach ëmmer beharrlech mat „Energiewend“ a „Klimaschutz“ associéiert.

An de Kommentaren, déi Lieser zu dem Bäitrag geschriwwen hunn, goufe véier Punkten opgeworf :

- D’Duerstellungsweis vun der offizieller däitscher Statistik, déi den objektiv klengen Undeel vun de volatile Stromquellen no iwwer 20 Joer Energiewend dokumentéiert, gouf a Fro gestalt ;
- Späichermethoden ewéi z.B. Pompspäicher, Batterien an divers aner Methoden goufen als méiglech Léisungen an de Raum gestalt ;
- Wann eisen Territoire ze kleng ass fir eng genügend héich „gréng“ Stromproduktioun, wier et ganz einfach „Strom aus der Wüst“ iwwer Stromleitungen heihinner ze bréngen ;
- D’Fro no den Alternativen gouf opgeworf.

Fir net de geréngsten Zweifel opkommen ze loossen, dat et keng Léisung mat de politesch promouvéierten Instrumenter op der Basis vu volatile Stroumquelle gëtt, ginn hei déi Punkten aus de Kommentaren kloer beliicht. E grouse Merci un déi Leit déi Kommentare schreiwen, well nëmmen esou kann en absolut noutwendegen ëffentlechen Debat zustane kommen.

Wat soen d'Statistiken ?

An engem Kommentar gouf ausgefouert, dat den Undeel vun den erneierbaren Energiequellen am PRIMÄREnergieverbrauch duerch d'Berechnungsmethod ze schlecht ewech kéim (Beispill Wandenergie an Däitschland : Undeel am Joer 2017 vu nëmmen 2,8% um Primärenergieverbrauch !), an dat dat Ganzt vun der Duerstellung hier anescht ausgesäit wann een de „gréngen“ Undeel am Kontext vun engem EENZELE Secteur kuckt. Hei hunn déi „gréng“ Energien dann zum Beispill en Undeel am däitsche STROUMsecteur vun iwwer engem Drëttel.

Äntwert :

Wéi an dem Kommentar richteg gesot gëtt, huet de Stroumsecteur an Däitschland iwwer en Drëttel erneierbar Energien. De ganze Stroumsecteur mécht awer just ronn e Fënneftel vum Endenergieverbrauch aus. De Wärmesecteur huet 13% erneierbar Energien, a mécht selwer insgesamt ronn d'Halschent vum Endenergieverbrauch aus. Beim Transportsecteur spillen erneierbar Energie bal keng Roll, esou dat een an der gesamter Moyenne esou zimlech genau op der Gréisstenuerdnung erauskënnt, déi di kritiséiert Statistik vum Bundesministerium für Wirtschaft und Energie liwwert.

Den Undeel vun der Wandenergie läit beim PRIMÄREnergieverbrauch ënner dräi Prozent, a beim ENDenergieverbrauch (OUNI de kritiséierten Afloss vu Wierkungsgradverloschter vu konventionellen Energien) op ronn véier Prozent. Un der GRÉISSTENUERDUNG vun dem „gréngen“ Undeel, op déi et an dem Raisonement hei ukënnt, ännert sech also glat a guer näischt !

Constat : trotz engem enormen Ausbau vun der Wandenergie an Däitschland (een Drëttel vun der europäescher installéierter Leeschtung mat 30.000 Wandanlagen !) läit een am Resultat eng anstänneg Gréisstenuerdnung ënner deem wat fir eng reell Energiewend noutwendeg wier, a well een de volatile Wandstrom wéinst der Netzstabilität schonn haut kaum nach integréiert kritt, kann den Ausbau an Däitschland och net méi wesentlech weidergedriwwe ginn.

An dat ass déi batter Realitéit, déi een an der Praxis gesäit an déi kee leegne kann : déi zwee „Haaptpillere“ Wand- a Solarstrom kommen trotz enormen Opwand net iwwer e puer Prozent Undeel eraus, och emol net a Länner ewéi Schweden, Finland a Lettland op déi mer jo esou jalous kucken, well se an der europäescher Statistik ganz vir leien, mä dës Positioun awer net der Wandenergie, mä haaptsächlech der Waasserkraaft an der (fester) Biomass ze verdanken hunn !

Wou de Schreier vum Kommentar absolut Recht huet : je nodeem wéi de „gréngen“ Undeel DUERGESTALLT gëtt, „gesäit viles ganz anescht aus“. An do begi mer eis dann op d’Feld vun der Zuelepropaganda, déi awer relativ liicht ze duerchkucken ass.

Esou hu sech jo och am Ufank vum Joer d’Erfollegsmeldungen an der Press iwwerschloen : bal 40% erneierbar Energien am däitsche Stroumsecteur fir d’Rekordjoer 2018 !!!

Mä wat heescht dat, wann ee sech dës Zuel méi genee ukuckt ?

Éischtens hu mer et hei mat enger NettostroumPRODUKTION ze dinn. Den däitsche VERBRAUCH vun erneierbaren Energien ass awer wesentlech méi niddreg, well notamment de volatile Stroum net bedarfsgerecht ass an dacks an d’Ausland muss zu engem Minimal- a Negativpräis entsuergt ginn.

D’EU Reegelen erlaben awer och dësen entsuergte Stroum an déi eege Verbrauchsbilanz ze schreiwen. Hei gëtt also scho getrickst.

Da gëtt och an der selwechter Statistik de volatile Wand- a Solarstroum eent zu eent mat grondlaaschtfäegen a bedarfsgerechte konventionelle Stroumquellen unhand vu JoresMËTTELwäerter verglach.

E Joresmëttelwäert seet bei volatile Stroumquellen awer iwwerhaapt näischt iwwer d’QUALITÉIT vum Stroum aus. Déi produzéiert elektresch Leeschtung muss nämlech zu all Moment am Gläichgewicht stoen mat der Laascht, also dem Verbrauch, fir dat d’Netz ka stabil bleiwen.

Konventionell Stroumquelle kënnen dat. Volatil Stroumquelle maache genau de Contraire : d’Schwankunge vun der geliwwerter Leeschtung sinn hei willkürlech an extrem héich.

D’Wahrscheinlechtsverdeelung vun der Leeschtung vun dem Wandanlagekollektiv gëtt säit Joren prezis erfaasst an ausgewäert.

Hei e puer Elementer vun dëser Auswäertung :

- Déi permanent verfügbar Leeschtung läit däitlech ënner engem Prozent vun der installéierter Leeschtung, mat anere Wierder : et gëtt KENG GESÉCHERT Leeschtung ;
- Déi mëttel Leeschtung läit nëmme bei ronn 18% vun der installéierter Leeschtung ;
- D’Wahrscheinlecheet, dat déi geliwwert Leeschtung ËNNER dëser Mëttelleeschtung läit bedréit ronn 60% ;
- Déi wahrscheinlechste geliwwert Leeschtung während ronn 800 Stonnen am Joer (ronn 9% vun der Zäit) läit bei nëmme 5% vun der installéierter Nennleeschtung ;
- Bal d’Halschent vun der Zäit läit déi geliwwert Leeschtung ënner 10% vun der installéierter Leeschtung (Wandflauten) ;

- Déi installéiert Nennleeschtung gëtt am Kollektiv ni erreecht. D'Maximalleeschtung läit bei ongeféier dräi véierels vun der installéierter Nennleeschtung vun alle Wandanlagen, an ass relativ rar. Par rapport zu der Mëttelleeschtung ass se awer ronn véiermol esou héich ;
- D'Schwankunge sinn also abrupt a leien tëschent Null a véiermol dem Joresmëttelwäert ;
- D'Leeschtungsschwankungen WUESSEN am Laf vun de Joren proportional zu der installéierter Leeschtung : d'Volatilitéit STEIGT also mat all weiderem Ausbau, contrairement zu deem wat dacks behaupt gëtt.

Wann ee weess, dat de Stroum am Moment vum Verbrauch muss geliwert ginn, kann ee sech bei dëser komplexer Wahrscheinlechkeetsverdeelung gutt virstellen, ewéi schwéier dëse volatile Stroum an d'Netz ze integréieren ass, a wéi onbrauchbar e par rapport zu konventionelle Stroumquellen ass. Duerch eng Statistik déi just de JoresMËTTELwäert ugëtt, gëtt een also massiv getäuscht, well den Androck entsteet, dat dëse Stroum bedarfsgerecht zur Verfügung steet, an dat et géing duergoe fir e just mat engem Faktor X ze multiplizéieren, an dann hätt een eng honnertprozenteg Stroumwend !

Dobäi muss ee wëssen, dat wann déi volatil Stroumquellen aus Wand a Sonn bis en Undeel vu ronn engem Drëttel vum Stroumverbrauch erreechen, da schéissen déi produzéiert Leeschtungsspëtzen reegelméisseg iwwer de Verbrauchsniveau eraus. Dës Spëtze mussen „entsuergt“ oder verworf ginn, soss kënnen déi konventionell Kraaftwierker d'Volatilitéit net méi ausgläichen, an d'Stroumnetz gëtt destabiliséiert. E wesentlechen Ausbau vu volatile Stroumquellen iwwer dëse Niveau eraus ass aus physikalesche Grënn da net méi méiglech. Honnertprozenteg Energiewend ? Storytelling !

Wann een also an der Press dës Erfolgsmeldungen mat erreechte Joresmëttelwäerter liest, wees een, dat et sech am beschte Fall ëm Durchhalteparolen handelt, déi der Propaganda beim ekonomeschen Niddergang vun der fréierer DDR an näischt zeréckstinn.

Spéitstens wann an Daitschland 2022 all Atomkraaftwierker an 2038 all Kuelekraaftwierker vum Netz ginn, gi mer déi haart statistesch Wourecht gewuer. Mä esou laang wäert et emol net daueren, well dat däitscht Stroumnetz scho mat deem haitegen Undeel vu volatilem Stroum kaum nach stabil ze halen ass.

Dofir maachen d'Chefideologen a virun allem d'Profiteuren an Däitschland an och zu Lëtzebuerg elo esouvill Drock, fir nach esou schnell et geet méiglechst vill 200 Meter héich „gréng“ Symboler, Industrieanlagen respektiv Gelddréckmaschinen an d'Natur ze praffen, ier d'energetesch Blos offiziell déisäits der Musel zerplatzt.

Wéi ass et an deem Kontext mat dem Storytelling zu Lëtzebuerg ?

Wat stellen zu Lëtzebuerg déi aktuell 235 Gigawattstunden mat ronn 60 Wandanlagen duer ?

Statistesch gëtt dat dacks verglach mat dem MËTTLERE Joresverbrauch vu ronn 60.000 Haushälter.

Mä wéi een un den Opzeechnungen vun de Wandstroumaspeisunge jo gesäit, seet e JoresMËTTELwäert bei volatile Stroumquellen QUALITATIV iwverhaapt näischt aus.

De Stroum muss jo zu all Ament a genee där Quantitéit geliwwert ginn, wou e vun all dësen Haushälter gebraucht gëtt. D'Wandstromproduktioun ass awer willkürlech a wiederofhängeg an zu KENGEM Moment dem Verbrauch ugepasst.

Ginn déi 235 GWh ewéi d'Statistik et suggeréiert elo VERSUERUNGSSÉCHER un déi 60.000 Haushälter iwver dat ganz Joer geliwwert ?

Oder sinn et ieren 120.000 Haushälter während der Halschent vun der Zäit am Joer ?

A wat maachen déi 120.000 Haushälter déi aner Halschent vun der Zäit wann et kee grondlaaschtfäege Stroum méi gëtt ?

Wat seet e mëttlere Stroumverbrauch vu 60.000 Haushälter elo QUANTITATIV aus ?

Promoteuren an d'politesch Propaganda schaffe gäre mat dësem Verglach, well dat kléngt vun der Quantitéit hir no richtig vill, an „d'Leit dobausse“ kënne sech gutt domadder identifizéieren.

De „Stroumverbrauch vun Haushälter“ ass awer iwverhaapt keen offizielle Referenzwäert.

Do kéint ee grad esou gutt soen, dat 235 GWh de Joresverbrauch duerstelle vun ongeféier 1,5 Milliounen Wäschmaschinen oder vun ongeféier 100 Milliounen elektreschen Zännbiichten.

Dat wär och net falsch, a kléngt esouguer nach méi spektakulär.

Manner spektakulär kléngt et awer, wann een déi 235 GWh mat dem Stroumverbrauch vum Industriesecteur vergläiche géing, oder mat dem Verbrauch am gesamte Stroumsecteur – oder eben dem gesamten Endenergieverbrauch ! Dat wier dann deen OFFIZIELLE Referenzwäert, bei deem eis Regierung jo en Undeel vun 100 Prozent „Erneierbarer“ uviséiert.

Par rapport zum Endenergieverbrauch stellen déi 235 GWh awer just en Undeel vu ronn 0,5% duer.

NULL KOMMA FËNNEF PROZENT !!!

Dës statistesch Duerstellung fënnt een awer weder bei Promoteuren nach bei der politescher Propaganda, well hei seet dësen OFFIZIELLE Referenzwäert op emol ganz vill aus. Hei gëtt nämlech kloer, dat een an all Duerf an eise Land vun der Gréisstenuerdnung hir an der Moyenne ronn 100 Wandanlagen opstelle misst, fir eng komplett honnertprozenteg Energiewend ze maachen.

An do géif dann och deem leschte vun „de Leit dobausse“ kloer ginn, dat eng Energiewend op der Basis vun den haut politesch promovéierten Instrumenter total absurd ass.

An engem weidere Kommentar gëtt de Storytelling konsequent weidergesponnen :

Vir d'éischt gëtt d'Méiglechkeet ugeschwat fir d'Volatilitéit vum Wand- a Solarstroum an de Grëff ze kréien duerch de Bau vu weidere Stroumleitungen a mat Hëllef vu Pompspäicher, Batterien, ... asw.

Duerno kënnt de Mythos vum „Strom aus der Wüst“ un d’Rei, an da kënnt nach déi ëmmer nees gär gestallte Fro no aneren Alternativen (grad ewéi wann volatile Strom technesch gesinn eng Alternativ wier).

Op all dës Punkten, déi an der Diskussioun extrem wichteg sinn, gi mer hei an.

Wat sinn d’Strategien fir déi ugangs beschriwwen Volatilitéit vum Strom an de Grëff ze kréien ?

De Storytelling schafft an deem Kontext mat ville Rezepten :

- Eng méiglechst groussflächeg Verdeelung vu volatile Stromquellen um Territoire nom Motto „jergendwou bléist ëmmer de Wand“, an e konsequenten Ausbau vum Stromnetz fir dës diffus Energie ze sammeln, wäitraimeg ze transportéieren an ze verdeelen ;
- Eng méiglech Glättung vun de produzierte Leeschtungen duerch Synergien tëschent Wand- a Solarstrom ;
- D’Entwécklung vun engem intelligente Stromnetz, dem „Smartgrid“ ;
- Späicherung mat Pompspäicherwierker ;
- Späicherung mat Batterien : Hausspäicher, Elektroautoen, „brine4power“, ...asw ;
- D’Kompenséierung vu Leeschtungsdefiziter bei „Dunkelflauten“ mat Hëllef vu Strom aus Biogas ;
- Divers Methoden mat „Power to X“ : power to gas to power, power to gas, power to heat, ... asw.

Äntwert :

E graffe Plausibilitäits Check vun all dëse wonnerbare Strategien, an d’Äntwert op d’Fro wéi e Potenzial dës Strategien hunn, fënnt ee mat engem kuerzen Click op de Link hei drënner : mat engem eenzege Click gesäit een den Ausmooss vum politeschen Storytelling, an dës komplett sënnslos Energiepolitik gëtt demaskéiert.

Plausibilitäits Check : Wéi kritt een d’Fluktuationen vun der Wandstromproduktioun glat gestreckt ?

Wéi dës kleng Analys weist, muss ee bei enger RATIONALER Betrachting feststellen, dat mer haut bei Wand- a Solaranlagen einfach wëll drop lass bauen, ouni dat et emol den Hauch vun enger Perspektiv fir eng technesch Léisung vun der Volatilitéit gëtt. De politesche Storytelling interesséiert sech net fir d’Reegele vun der Physik.

Hei sti just d’Partikularinteresse vun enger öko-industrieller Lobby un éischer Plaz, an dofir gouf mat dem Naturschutzgesetz e Kader geschaf, fir Gréngzonen ganz legal a Wandindustriezonen ëmzewandelen.

Nächste Punkt vum Storytelling : Stroum aus der Wüst !

Wéi einfach dat mat dem Stroum aus Nordafrika geet, hu mer jo schonn an der Vergaangenheet erlieft.

Op alle Fall confirméiert dat de Constat, dat Lëtzebuerg respektiv Europa dës Energiewend mat den haut promovéierte volatilen Instrumenter aus eegener Kraaft net hikritt, a seng Problemer muss exportéieren.

Bei de Materialien maache mer eis jo schonn ofhängeg vu China, beim Territoire gi mer dann nach ofhängeg vun Afrika.

D'Bevëlkerung vun Afrika wísst staark an huet e relativ déiwe Liewensniveau. Den Energiebesoin wäert also grad ewéi a China oder Indien nach dramatesch wuessen. Afrika muss also emol säin EGENEN Energieproblem léisen, ier et eise Problem importéiert.

Et wier vermoossen drop ze spekuléieren dat eis Problemer missten um afrikanesche Kontinent geléist ginn : ass dat net eng modern Form vun Energie Kolonialismus ?

Bleiw en och nach d'Problemer vun der politescher Stabilitéit op déi mer net vill Afloss hunn.

Interkontinental Stroumleitungen bedeiten en enormen techneschen a finanziellen Opwand, an de Spächerproblem als KO-Facteur wier doduerch nach ëmmer net geléist.

Et bréngt leider näischt eist Netz och nach mat IMPORTÉIERTEM volatile Stroum ze destabiliséieren !

Wat sinn Alternativen a Propositionen ?

Dës Fro ass natierlech ëmmer gutt gestalt ! Se gëtt grad ewéi d'NIMBY Argument als psychologescht Argument agesat, meeschtens dann, wann engem soss keng Argumenter méi afalen.

Well wann een op dës Fro éieren keng KONKRET Géigepropose huet - wat bei dem aktuellen Technikstand jo och net verwonnerlech wier - da sinn déi aktuell promovéiert Instrumenter jo „alternativlos“ !

Mä dat heescht jo da mat anere Wieder : léiwer maache mer EGAL WAT, ewéi näischt ze maachen ! Et ass natierlech ëmmer méi „sexy“ wann een ewéi eis politesch Responsabel ka virun „d'Leit dobaussen“ trieden an hinne soen et hätt ee fäerdeg Léisungen, an alles gëtt gutt.

Dat war jo grad de Sujet vum Lieserbréif vum 20. Januar : Siichtbar Symboler an d'Landschaft praffen. „Mir hunn eppes gemaach !“

Wa kee norechent da flitt de Schwindel jo net sou schnell op, a bis dat een um Terrain an der Praxis mierkt dat et net funktionéiert, sinn déi Haaptresponsabel vum Fiasko net méi do.

Wann een éierlech ass, da muss ee soen dat et aktuell keng alternativ Energie gëtt, déi grondlaaschtfäeg ass an eng adequat Energiedicht huet, esou dat een op konventionell Energiequelle verzichte kéint. Mä wéi vill Wourecht kann een als Politiker dem Wielervollek zoumudden ? Zumols wou d'Chefideologen sech elo selwer ënner Drock gesat hunn mat dem Klimawandel deen d'lescht Joer grad just passend virun de Walen massiv op Lëtzebuerg eragebrach ass.

Dofir kritt d'einfacht Vollek fir d'éischt emol einfach Léisungen zerwéiert, mat deenen d'öko-industriell Lobbyen natierlech gutt lieve kënnen.

Am Kontext vu neie Léisungen ass awer déi eigentlech Fro di folgend :

Firwat sollen Energiequellen gefërdert ginn, déi – ewéi d'Praxis weist – net grondlaaschtfäeg sinn, déi keng Versuergungssécherheet hunn, déi et net fäerdeg bréngen de bestoende System ofzeléisen, déi kaum en Impakt op de Klimaschutz hunn, an doriwwer eraus negativ technesch, ekologesch, ekonomesch, sozial a potenziell gesondheetlech Impakter hunn ?

Rational Proposen sinn duerfir méi nuancéiert :

Éischt Propose :

Ophale mat Instrumenter déi technesch kee Sënn erginn, well mer soss an 20 Joer de selwechte Constat maachen ewéi haut Däitschland, all déi wäertvoll Zäit awer verschenkt hunn, an all negativ Impakter fir näischt a Kaf geholl hunn. Mir sti net um UFANK vun enger Energiewend ewéi dacks gesot gëtt. Déi däitsch Situatioun weist, dat d'Energiewend hei no iwwer 20 Joer op hirem ENN ukomm ass.

Zweet Propose :

All potenziell alternativ Instrumenter mussen hire Potenzial an hir Effikassitéit noweisen : Effekt op Klima, Wirtschaftlechkeet, Grondlaaschtfäegkeet, Versuergungssécherheet, Kapassitéit fir den Energiebedarf ofzedecken, an d'Fäegkeet de bestoende System ofzeléisen.

Drëtt Propose :

Keng Plangwirtschaft mat gesetzlech festgeluechten Ausbauziler fir bestëmmten Technologien. Politik a Gesetzer sollen technologieneutral sinn.

Véiert Propose :

Keng iwwerdriwwen an ongerechtfäerdeg Subventiounen fir Instrumenter déi keng Léisung zum bestoende System duerstellen. Héich a geséchercht Subsidien fërdere keng Innovatioun, mä maache liddereg a verhënneren d'Innovatioun.

Fënneft Propose :

Fuerschung, Fuerschung, Fuerschung !

Virun der industrieller Revolution hätt och kee sech dreeme gelooss, dat eng Kéier Techniken erfondt ginn, déi gläichzäiteg grondlaaschtfäeg sinn an eng héich Energiedicht hunn, an déi de Grondsteen vun eise haitege soziale Wuelstand geluecht hunn. Bei der Verdäiwelung vun den haitege konventionellen Energiequellen – déi mat Sécherheet och vill Nodeeler hunn – gëtt dës sozial Komponent dacks vergiess.

Et ass méi sënnvoll an d'Fuerschung ze investéieren ewéi a Faketechnologien.

Dobäi soll ee sech net ënner Zäitdrock setze loosse vun enger Politik bei där Ëmweltidealer elo der Angscht virun engem Klimakatastrophenzenario Plaz gemaach hunn.

Sechst Propose :

De sënnvollen Ëmgang mat der Energie huet méi en héije Potenzial ewéi d'Faketechnologie.

Hei just ee Beispill :

Effekt vum Ausbau vun der Lëtzebuurger Wandenergie tëschent 2013 an 2017 : plus 150 GWh.

Gläichzäiteg steigt de Kraaftstoffverbrauch vum Findel ëm ronn 2.400 GWh an huet elo méi en héijen Undeel um Endenergieverbrauch ewéi de ganze Stroumsecteur. Fir de Méiverbrauch vum Findel just nëmme klimaneutral ze halen, misst all 2 bis 3 Deeg eng industriell Wandanlag a Betrib goen. Dat ass en Invest vun iwwer 700 Milliounen Euro d'Joer. Wat maache mer wann a fënnef Joer d'Land vollsteet ?

Siwent Propose :

Et mécht kee Sënn d'Ëmwelt wëllen ze retten, an dobäi awer d'Natur futti ze maachen.

Dofir soll een eigentlech gréng Grondwäerter nees no fir bréngen : Landschaftsschutz, Aarteschutz, Erhale vun der Liewensqualitéit. All des Wäerter, déi a Joerzénkten erkämpft gi sinn, kommen elo duerch eng irgeleeten ökoliberal, irrational an ideologesch Politik ënner d'Wandrieder.

Leit deenen des Proposen net wäit genuch ginn si gären invitéiert hir Solutiounen ze presentéieren. Esoulaang et net déi wierkungslos, ideologesch, lobby- a profitgesteiert Symboler ewéi d'Wandanlage sinn, kann eis dat nëmme virubréngen.

Wandanlage kann een net mat Klimaschutz associéieren. Duerch d'Mechanismen vum fräien Handel mat Emissiounsrechter kënne Wandanlagen déi global CO₂ Emissiounen net reduzéieren, mä just vun engem Secteur an en anere Secteur verdrängen oder geographesch verlagere. An dem Kontext vum globale weltwäiten Handel mat fossile Brennstoffer an engem weltwäit steigende Besoin fir erschwénglech Energien, ka keng eenzeg Wandanlag hei bei eis d'Extraktioun, de Verkaf an d'Consumptioun vu fossile Brennstoffer op enger anerer Plaz op der Welt verhënneren.

„D'Leit dobaussen“ solle sech net méi vun den ökoliberalen Ideologen verblende loosse, an dergéint protestéieren, dat eis Landschaften total sënnlos a Wandindustriezonen ëmgewandelt ginn.